***Compte Rendu vun der Kulturkommissiounssëtzung vum 3. Juni 2024 um 19h30 an der Konstgallerie zu Lellgen***

| | |
|---|---|
| Präsenzen: | Maurice D'Incau, Jos Fischbach, Yves Kaiser, Sandra Linster, Paul Poncin, Christian Schmit, Vitor Simoes |
| Ofgemellt: | Patrick Bormann, Serge Zenner |

---

## 1. Organisation

- D'gouf eng Mailadress (culture@kiischpelt.lu) ageriicht wou Leit vu baussen d'Kommissioun kënne kontaktéieren. De Christian an de Jos hunn aktuell den Zougrëff op des Adress.
- De Siggidrive ass ageriicht. De Christian hat d'Zougangsdate per Mail verschéckt. Wann ee keng Méiglechkeet hutt fir vun doheem aus dodrop zouzegräife, kann een op d'Gemeng an d'Sekretariat goe fir d'Dokumenter ze kucken. Jiddereen aus der Kommissioun kann Dokumenter op de Siggidrive roplueden.

## 2. Suivi des idées collectées

- Paul hutt erkläert datt um Panneau zu Mäerkels iwwert de **Staatssteebroch** e graphesche Feeler ass. D'Waggonen déi duergestallt sinn, sinn déi falsch. Als 2. Punkt feelen nach Informatiounen iwwert eng Foss déi zum Steebroch gehéiert hutt. Soubal de Paul all déi néideg Informatioune gesammelt hutt, gëtt hee se un d'Kommissioun weider. Donieft hat de Paul nach säi Modellzuch dobäi, deen hee mat ganz vill Passioun virgefouert hat.
- De Präis fir d'Leinwand fir en **Open Air Kino** mat bis zu 200 Lekt läit bäi ca. 8700€ (den Devis steet um Siggidrive). Dëst beinhalt di ganz Technik fir d'Projektioun op enger LED-Leinwand vu 5 m x 3 m an d'Personal, wat d'Technik wärend de Projektioune bedingt. Net am Präis mat dra sinn d'Filmer selwer. Sou kéint een e ganze Weekend Projektioune weisen. Starte kéint ee Freides Mëttes mat Schoulklassen. De Projet kéint ee fréistens 2025 realiséieren. Dëse Projet verfollege mer weider fir nach feelend Detailer ze kläre an dann eng Entscheedung ze treffen. En Autokino ass aus Kästegrënn net realistesch. Hei ass vill méi eng grouss Leinwand néidig plus di ganz Technik fir den Toun ze iwwerdroen.
- De Maurice hutt mam Emile Leclerc geschwat. Heen ass bereet fir intresséierte Lekt Fläch fir e **Gaart** zur Verfügung ze stellen. Seng Konditioun ass, datt et just fir den Eegeverbrauch ass an d'Produkter net solle genotzt gi fir ze verkafen a sou regionale Produzente Konkurrenz ze maachen. D'Roll vun der Kommissioun ass hei just fir Interessenten un den Emile virun ze verweisen. Et ass och net sënnvoll, datt d'Kommissioun Reklamm mécht. Deemno gouf festgehalen, datt dëse Projet fir d'Kommissioun ofgehaakt ass.
- Wat d'**Monumenter an d'Denkmaler** betrëfft, hutt de Patrick matgedeelt, datt hee mam Serge nach net weider kommen ass.
- De Jos hat mam Nico Hamen geschwat fir rauszefanne wéi de Projet vun den **Hausschëlder** zu Draufelt ëmgesat gouf. Deemools goufen zu Draufelt al Hausnimm aus dem Duerf vun engem eeleren Här gesammelt vun Haiser déi virun 1945 gebaut goufen. Dono goufen d'Lekt op eng Versammlung invitéiert wou se de Projet virgestallt kruten. D'Lekt konnten entscheeden ob se wollte matmaachen oder net. Fir Haiser déi no 1945 gebaut goufe, konnten d'Lekt sech

selwer en Hausnumm raussichen. Insgesamt hate 47 vun 81 méiglichen Hausbesëtzer matgemaach. D’Schëlder goufe bäi enger Firma vu Jonglënster bestallt an dës Firma ass se och ophänke kommen. De Präis wor ungeféier 200€ pro Schëld. D’Lekt hu 50€ bezuelt an d’Gemeng hutt de Rest bäigeluecht. Et gouf festgehalen, datt mer mat engem Duerf ufänken a wann et gutt leeft dann Duerf fir Duerf weider maachen. Als nächste Schrëtt kucke mir wéi vill Haiser a Fro kommen. Den Yves sicht dat aus engem Buch raus fir déi al Gemeng Kautebaach. Fir déi al Gemeng Wëlwerwolz kontaktéiert de Jos de Jean-Marie Boumans. Des Weidere schwätzt de Christian mam Patrick Bastin, deen de Projet zu Draufelt betreit hat.

- De Jos ëmfreet sech mol fir en **Ausfluch** ze maachen. Hei kommen d’Antimon-Minn, d’Kofferminn oder d’Schifergrouf a Fro. Et ass ugeduecht fir nach dëst Joer en Ausfluch ze maachen.
- D’Sandra hutt weider Detailer zu engem méigliche **Summerfest** presentéiert. Hatt hutt ënnerschiddlech Präisser ugefrot. Et kéint een eng Cocktailbar dohinner kréien. Hei ass well e Service mat abegraff wat de Bedarf u Man-Power géif reduzéieren. An enger éischter Phas sollt d’Summerfest just 1 Dag sënn. Insgesamt feelen nach weider Detailer, virun allem zu de Kästen, fir kënnen eng Entscheedung zu treffen.
- Duerch de WebWalking ginn et well vill Informatiounen zu eise Sehenswürdigkeeten. Dëst ass nach alles online. Di Saache kéint een nei verlinken. Et kéint een op well besteeënd Schëlder e **QR-Code** dobäi pëschen. De Christian mécht mol en Inventaire wou een sou Coden iwwerall kéint montéieren. De Paul hutt als Referenz nach de Sentier du souvenir genannt. Hei géifen et och QR-Code ginn.
- De Schäfferot war eis besteeënd **Petangspiste** moossen. Se ass 3 m breet an 11 m lang. Virun allem d’Breed ass net optimal well d’Cochon muss mindestens 1 m vun der Bordure fort leien. Deemno bleift just nach eng Sträif vun 1 m an der Mëtt. De Christian hat eng Foto vun der Pentangspiste vun Dikkrich gewisen. Déi hutt eng hëlze Bordure. De Schäfferot analyséiert ob een eis Piste ka verbreederen an d’Bordure dann aus Holz maachen.

## 3. Évaluation des idées

All d’Iddie sollen duerch festgeluechten Evaluatiounskritäre bewäert ginn. Sou kann dann entscheet ginn ob eng Iddi duerch d‘Kulturkommissioun ëmsetzbar ass oder net. Des Weidere kann eng Hierarchie erstallt ginn, wéi eng Projete prioritär ëmgesat ginn a wéi eng zu engem spéideren Zäitpunkt.
De Christian hat enker kuerz d’Evaluatiounskritäre virgestallt. Hei kann nach all Member säin Input ginn. D’Krittäre kréien och eng Gewiichtung fir besonnich wichtig Argumenter erfir ze hiewen.

| Nom de l'évaluateur | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| | Budget | Temps de préparation/ organisation | Ressources humaines organisation | Ressources humaines exécution | Matériels et technique | Durabilité | TOTAL |
| Summerfest | | | | | | | 0 |
| OpenAirKino | | | | | | | 0 |
| Gaart | | | | | | | 0 |
| Monumenter & Denkmäler | | | | | | | 0 |
| Hauschëlder | | | | | | | 0 |
| Galadiner | | | | | | | 0 |
| QR-Code / Webwalking | | | | | | | 0 |
| Petangspiste | | | | | | | 0 |
| Steebroch | | | | | | | 0 |

Biswell feelen nach ze vill Informatioune fir d'Bewäertung duerchzeféieren. Soubal all d'Informatiounen do sinn, gëtt d'Bewäertung gemaach.

## 4. Prochaine réunion

- **22. Juli 2024 um 19h30** an der Konstgallerie zu Lellgen: nächst Reunioun vun der Kulturkommissioun.

Äischer, de 4. Juni 2024

| **Christian Schmit** | **Jos Fischbach** |
| --- | --- |
| Präsident | Sekretär |